Weimerskierch, den 19. Februar 2026

**Noruff Pol Greisch**

Mam Pol Greisch verléisst eis ee vun de wuel bedeitendste Lëtzebuerger Schrëftsteller vun der 2. Hallschent vum 20. a vum Ufank vum 21. Joerhonnert. Am Lëtzebuerger Theater- a Literaturfeld war de Pol Greisch e Mann vu ville Kompetenzen. D'Schauspillerei war säin éischt a längst Engagement; 1955 stoung hie fir eng Dicks-Opféierung ënnert der Leedung vum Eugène Heinen op der Bün, an 2020 hat hien d'Haaptroll – en ale Bauer a Wittmann – am Laurent Prim sengem zudéifst beréierende Kuerzfilm *Lupus*, nieft dem Luc Schiltz als sengem Jong. Mee zanter 1966 huet de Pol Greisch, well hien net ëmmer op der selwechter Wellelängt mam Eugène Heinen sengem „Lëtzebuerger Theater" war, deen him ze vill gepräägt vun de Kaméidistécker a vun engem didaktesche Vollekstheater war – wou d'Kierch eeben ëmmer am Duerf bliwwen ass – selwer Stécker geschriwwen. Sou waren *Äddi Charel* a kuerz duerno *Besuch* den Optakt vun enger neier Dramatik zu Lëtzebuerg, déi souwuel formell wéi inhaltlech nei Weeër gaangen ass. Am Pol Greisch senge Stécker héiert een den Echo vun der deemoleger europäescher Avant-Garde (souwuel Beckett, Ionesco a Wenzel wéi Kroetz), wann et ëm den erdréckenden Alldag geet, entweeder um Büro oder doheem bei der Famill, wou sech Mataarbechter d'Liewen zur Hell maachen, oder d'Koppelen sech näischt méi ze soen hunn nieft dem allwëchentlechen Akafstour an de Cactus. Dem Greisch seng Figuren probéieren hiert Liewe laang, aus hirer Paralysie, hirem Selbsthaass an hirem selwer erriichte Prisong auszebriechen, hir Traumata ze verschaffen. Meeschtens ouni Erfolleg. Zum Schluss feelt hinnen de Courage oder et gëtt hinnen einfach net erlaabt. Et sinn zudéifst politesch Stécker, déi op eng oft melancholesch a subtil Aart a Weis dat klengbiergerlecht, materialistescht Liewen, d'Muechtstrukture vun eiser kapitalistescher Gesellschaft, d'Gewalt vun de Männer géigeniwwer de Fraen oder d'Einsamkeet vu Persounen am héijen Alter kritesch hannerfroen, wéi bis dohin nach kee sech getraut hat, dat am konservativ-kathoulesche Lëtzebuerg ze maachen. Laanscht dem Pol Greisch seng bal zwanzeg Theaterstécker a vill Erzielunge kënnt zu Lëtzebuerg keen, deen déi gesellschaftlech Embrëch vun deene leschte sechzeg Joer wëllt beschreiwen. De Pol Greisch war e literaresche Pionéier. Mir wäerten hie weiderhi vill liesen.